# Programme de Stabilité et de Croissance pour la période 2021-2025 et Plan pour la Reprise et la Résilience

## Présentation à la Chambre des Députés, 27. Avril 2021

## *Seul le discours prononcé fait foi*


**ALEEDEND WIEDER** ..... 2

**I. DE MAKROEKONOMESCHEN KONTEXT** ..... 7

**II. LUUCHT UM ENN VUM TUNNEL ZESUMME MAT EUROPA** ..... 16

**1. ENG NOHALTEG AN DIGITAL RELANCE FIR EUROPA** ..... 16

**2. DEN NATIONALEN PLAN POUR LA REPRISE ET LA RESILIENCE** ..... 21

**III. D'ECKWERTER VUM PROGRAMME DE STABILITÉ ET DE CROISSANCE** ..... 28

**a. Administration centrale ..... 28**

**b. Sécurité sociale ..... 31**

**c. Administration locale ..... 31**

**d. Administration publique ..... 32**

**e. Anhaalen vum Volet préventif vum PSC ..... 34**

**f. Staatsschold ..... 37**

ALEEDEND WIEDER

Här President,

Léif Regierungskolleegen,

Dir Dammen an dir Hären,

De Programme de Stabilité et de Croissance deen ech d'lescht Joer den 5. Mee hei op dëser Plaz virgestallt hunn stoung ganz am **Zeeche vun der Reaktioun op d'COVID-19 Pandemie.**

Et wor e **spezielle Programm** fir e spezielle Moment**.**

An ech soen et elo schonns am **Ufank vun der Ried,** well mir brauchen hei **keng Spannung ze halen,** dësen Programm huet **gegraff an duerfir steet ons Ekonomie erëm staark do, an ons Finanzsituatioun huet sech staark verbessert.**

D'Regierung huet also **schnell a präzis gehandelt fir d'Gesondheet vun de Léit ze garantéieren, ons Ekonomie ze stabiliséieren an domatten Vertrauen ze schafen.** Fir dësen Efforten Rechnung ze droen, **hunn d'europäesch Instanzen och déi néideg Flexibilitéit am Kader vum Europäeschen Semester** gewisen gehat an d'Reegele gelackert.

**1 Joer** ass an d'Land gezunn. **Vill ass geschitt**. De Leit konnt vill gehollef ginn an och **der Wirtschaft am allgemengen**. Méi wéi **11 Milliarden Euro**

**goufe mobiliséiert**, dat sinn 18,6% vun eisem PIB fir d'Land ze ënnerstëtzen an **um Wee aus der Krise ze begleeden.**

Ech wëll elo net op all déi **Mesuren** agoen mee awer e puer vun deenen **wierklech essentiellen ervirsträichen**:

- Ech denken do natierlech virop un **d'Ausdehnung vum Chômage partiel** deen an dëser Form nach bis den Schluss vum 1. Semester vun dësem Joer verlängert gouf. Dat ass eng Moossnam déi den Salarien hier Existenz geséchert huet an villen Betriber wierklech gutt ënnert d'Äerm gegraff huet.
  Bis Enn Mäerz 2021 **goufen iwwert déi ganz Period vun der Kris méi wéi eng Milliard Euro brutto** déboursséiert, an **netto ronn 600 Milliounen.**

- All Kéiers wann mir hunn missten an den Homeschooling wiesselen an och d'Maisons relais an d'Crèchen hunn missten zoumaachen, ass den **Congé pour raisons familiales** agesprongen.

  Den **Congé pour soutien familial** ass och regelméisseg verlängert ginn fir déi Leit, déi eng Persoun à Charge hunn an déi net an den Fleegeheemer kënnen betreit ginn. Dës zwou Mesure déi de Staat

bis haut **262 Milliounen Euro kascht hu** si gutt investéiert, an stäerken d'Vertrauen vun de Famillen an d'Solidaritéit an der Gesellschaft während dëser Kris.


- **Eng ganz Panoplie vun Hëllefen fir d'Betrieber goufen opgestallt: op elo Direktaiden oder och d'Aides remboursables am Kader vum Stabiliseirungspak an vum Neistart Lëtzebuerg.** Déi verschidden Aiden déi ënnert dem **Fonds de Relance et de Solidarité** finanzéiert ginn, sinn bis Enn Juni verlängert ginn. Ënnert anerem gëllt dës och fir d' "Aide coûts non couverts" déi agefouert ginn ass fir besonnesch d'Betrieber aus dem HORECA Secteur, dem Tourismus, dem Evénementiel an der Formation professionelle continue ze ënnerstëtzen. Och jonk Entreprise kënnen elo dovunner profitéieren.

  **Zesummegeholl goufen bis elo 348 Milliounen Euro an ons Entreprisen investéiert fir** hinnen **duerch d'Kris ze hëllefen.**

- Um Niveau vun den Reporten – op elo direkt oder indirekt Steieren, mee och Sozialkotisatiounen – schwätzen mir vun **618 Milliounen Euro** fir den Leit an Entreprisen an den schwéiersten Méint vun der Kris ënnert d'Äerm ze gräifen.

Ech erënneren och nach hei datt d'Mesure vum **"Abattement fiscal pour Abandon Loyer"** verlängert ginn. Do geet et jo drëm den Propriétairen am Kader vun engem Bail commercial en dueblen Abattement ze ginn wann se op hiren Loyer verzichten. Dës Mesure vun 2020 gëtt och 2021 verlängert.

- Schlussendlech wéilt ech héi d'Mesuren ernimmen déi geholl **goufen fir den Gesondheetssystem ze stäerken an d'Pandemie erfollegräich ze géréieren**. Op et elo den Extra Budget fir den Haut-Commissariat à la protection nationale, d'Réserve sanitaire oder den Akaaf vun Matérial. Héi hunn mir ganzer **231 Milliounen Euro** bis haut ausginn.




*Grafik 1: Aperçu des mesures discrétionnaires dans la lutte contre la Covid-19*

Dës Mesuren kënnen **op den éischten Bléck als Dépensen ugesinn ginn**. Ech gesinn se awer **méi als Investissementer an eis gemeinsam Gesondheet an, an d'Resilienz vun onser Wirtschaft**.

Hätten mir dat net gemaach **hätt d'Pandemie nach méi Victimen gemaach**. Hätten mir dat net gemaach **wier den Chômage méi héich**, wären **vill Existenzen op d'Spill gesat ginn**, wären vill Plazen verluer gaangen an vill Entreprisen ënnergaangen.

Bref, d'Luucht um Enn vum Tunnel vun dëser Krise **wier vill méi wäit ewech**. Och d'EU **begréisst dës Mesuren ausdrécklech** an huet och duerfir **seng eegen Initiativen entwéckelt**, vir gemeinsam aus dëser **symmetrescher** Krise erauszekommen.

*Meng Presentatioun ass an dräi Deeler. Ech géif ufänken mat dem makroekonomeschen Kontext an deen sech dësen PSC aschreift, an iech erklären firwat deen mech raisonnablement optimistesch stëmmt. An mengem zweeten Deel beschreiwen ech d'Luucht um Enn vum Tunnel fir Lëtzebuerg zesummen mat Europa, an dat heescht den Plan pour la Relance et la Résilience fir Lëtzebuerg. An mengem leschten Deel wéilt ech ob d'Eckwerter vum PSC agoen.*

## I. DE MAKROEKONOMESCHEN KONTEXT

Vill vun iech erënneren sech virun engem Joer huet de **STATEC** mat engem Réckgang vun eiser Ekonomie vun **-6%** gerechent.

Betruecht een haut réckbléckend d'Zuelen wat de **wirtschaftleche Wuesstem** fir **2020** ubelaangt, esou gesäit een datt **Lëtzebuerg sech besser ewéi geduecht** aus der Affaire zitt.

**Lëtzebuerg ass 2020 also besser wéi erwaart duerch d'Kris komm** mat engem Réckgang nëmmen **-1,3%**. Dat gëtt ons Hoffnung.

*Wourun kann een dann elo déi dann dach nach remarkabel Performance vun der Lëtzebuerger Ekonomie erklären?*

Abee, däer Grënn ginn et der 3:

1. Eischtens, huet d'Regierung en **Paak un Mesuren** op den Wee bruecht deen **18,6% vum PIB** ausgemaach huet fir den Leit an den Entreprisen ënnert d'Äerm ze gräifen an esou den Impakt vun der Pandemie ofzefiederen.
   Pro Kapp huet Lëtzebuerg **4.928 Euro** deblockéiert, domatten sinn mir déi éischt an der EU.

2. Zweetens, konzentréiert sech **eis Ekomomie** staark op den **Secteur vun den Servicer an notamment op de Finanzsecteur**. Et konnt een also zimlech **zügeg op den Télétravail ëmsuedelen ouni d'Produktioun ze staark ze impaktéieren,** net zulescht **dank den exzellenten digitalen Infrastrukturen** di eist d'Land ze bidden huet. Mir gesinn méi generell **an den Steierrecetten vun den éischten Méint vum dësem Joer, datt ons Ekonomie op erlieft an sech zolitt weiderentwéckelt.**

**Am** Géigesaz zu der Kris 2008, wor d'**Finanzplaz** an dëser Kris **net en Deel vum Problem, mee huet zu der Léisung bäigedroen**.
Ech wëll hei och nach eemol den Rôle vun den **Banken ervirsträichen bei den Moratoiren a Prêten fir d'Entreprisen**. Déi haten Mëtt Juni **3.682 Milliarden Euro un Moratoiren an hiren Bicher stoen**. Enn Abrëll 2021 belafen se sech ëmmer nach op **430 Milliounen**. Am Kader vum **Garantie-Gesetz** wat de Banken erlaabt den Entreprisen zousätzlech Prêten ze accordéieren, bei deenen de Staat 85% vum Risiko dréit, huet den Staat bis dato **149 Milliounen** zur Verfügung gestalt fir eng **Gesamtzomm vun 175 Milliounen Euro** Prêten garantéieren.

3. Drëttens, duerch déi konsequent **Large Scale Testing Strategie** an déi doduerch méiglech **Réouverture** vun groussen Deeler vun der Ekonomie konnt **am 3. Trimester en staarken Wuesstem festgestallt ginn**. Lëtzebuerg wor hei weltwäit en Pionéier, an déi mei wéi 87,5 Milliounen **déi den** Large Scale Testing bis elo kascht hunn, sinn gutt investéiert Suen. Se hunn et der Regierung erméiglecht eng **intelligent an selektiv Lockdownspolitik ze fueren** an **domatten d'Wirtschaft ze schounen. Haut gëtt d'massiv Testen vun aneren Länner an Europa kopéiert.**

War en staarken Réckgang am 2. Trimester vun -7,3% ze notéieren esou war den Rebond tëscht Juli an September mat +9,3% genau esou prononcéiert. Dat ass deen sougenannten **"V" Effekt** deen een beim Wuesstem feststellen konnt. Am **4. Trimester** konnt een en PIB vun **+ 1,6%** aktéieren.

Mat -1,3% ass den **Grand-Duché** an den **Top 3** (no Irland an Litauen) vun deenen Memberlänner an der Europäescher Unioun déi 2020 **verhältnisméisseg gutt duerch d'Kris** komm sinn.

Fir d'Eurozon wor am **PSC 2020** op e negativen Wuesstem **vun -5,1%** fir d'Joer 20 tabléiert ginn. **Elo** gesäit et éischter duerno aus, dass dee negativen Wuesstem bei **-7,1%** läit.

Et gesäit een also och hei ganz kloer datt Lëtzebuerg **der Kris besser Stand gehalen huet, wei vill anerer.**

*Wat sinn dann d 'Previsiounen vum STATEC fir d'Joer 2021?*

Mir stellen all fest, dass trotz den ufänglechen Liwwerengpäss d'**Impfkampagne u Vitesse zouhëlt.** Wéi all déi aner europäesch Länner kënne mir nëmmen esou **séier impfen wéi och Dosen do sinn**. Déi ginn elo ëmmer méi séier a regelméisseg geliwwert, an dofir kënne mer lo mat **voller Kapazitéit impfen, dank eise 5 Impfzentren déi**, wéi ech vun villen Echoen héieren, exzellent funktionéieren. Ech wäert mir iwweregens muer sur place och e Bild dovunner maachen, an dat well **d'Administration des Douanes och do mathëlleft,** an ech well hinnen duerfir vun hei aus Merci soen.

Eng aner wichteg Entwécklung ass den Asaz vu Schnelltester. D'Regierung huet an dësem Sënn och eng **15 Milliounen** Schnelltesterkaaf kaaft an bestallt, dat sinn der vill méi proportional wei eis Nopeschlänner. Mir erwaarden ons doduerch schonn wéi virdrun


mam massiven Testen, datt mer esou den Wee an d’Normalitéit méi séier sécheren kënnen.

Duerch all déi Mesuren an Entwécklungen, déi ech genannt hunn, ass d’**Rezessioun zu Lëtzebuerg manner staark ausgefall wéi gefaart.**

**D’Lach war manner déif**, an dofir ass de **Wee eraus och manner wäit wéi gefaart.**

**Nach am Laf vum 1. Semester vun dësem Joer wäert Lëtzebuerg erëm den Niveau vum PIB vun virun der Krise ëremfannen. D’Eurozon erreecht deen Niveau fréistens Ufank 2022.**

A mir erreechen dat Ziel, **well mer dëst Joer ronn +4% wäerten wuessen**, ähnlech wéi d’Moyenne vun der Eurzon. Fir déi nächst Joer bleift de Wuesstem zu Lëtzebuerg héich, an iwwert der Moyenne vun der Eurozon, och wann d’Pandémie eis gewisen huet dat Perspektiven séier changéieren kënnen.





*Grafik 2: Evolution du PIB réel au Luxembourg et au sein de la zone euro*

Déi **Reprise** wäert sech och **um Aarbechtsmaart erëmspigelen** deen eng positiv Evolutioun wäert hunn, an den Chômage an Europa wäert an den nächste Joren **och kontinuéierlech erofgoen.**

Zu Lëtzebuerg haten mer gefaart datt den Chômage iwwert 7% géif goen. Dëst ass nët agetrueden an mir sinn erëm haut op 6,1% d.h. **um Niveau vun Mäerz 2020 ukomm!**

Wien hätt dat gewot ze **prognostizéieren** wéi d'Pandémie lass gaangen ass? Ech wënschen mer awer datt mer en weider erofgeet, well fir Lëtzebuerg ass dat awer nach relativ héich.




*Grafik 3: Taux de Chômage Luxembourg*

Dëst ass net nëmmen eng excellent Noriicht fir d'Relance vun onser Ekonomie, mee et wéisst och datt **d'Mesuren fir d'Aarbeschtsplazen ze sécheren – am besonneschen den Chômage partiel - en Succès woren.**

Net nëmme zu Lëtzebuerg, mä an der ganzer EU. **Den Chômage ass a kengem Ament an der EU iwwert 7,8% erausgaangen, zu Lëtzebuerg nie iwwert 6,9%.**

E Bléck iwwert den Atlantik geet awer duer fir ze verstoen wéi een **Effet d'Kris ouni dës Mesuren op den Chômage hätt kënnen hunn. Am Abrëll 2020 wor den Chômage nämlech an Amerika vun 4,4 op 14,2% geklommen.**

**An Europa par conter konnten d'Aarbechtsplazen stabiliséiert ginn, woumat Leit an Entreprisen virum Schlëmmsten gerett konnten ginn, an Vertrauen an ons Ekonomien gestäipt gouf.**

Dobäi kënnt, fir Lëtzebuerg, dass mir eent vun deene wéinege Länner waren, **an deem den Aarbechtsmaart och während der Krise weider gewuess ass an zwar ëm 2%.** E wäert och déi nächst Joren lues weider **unzéien.**

Och wann dat net grad déi selwecht Dynamik ass, wéi mer se virun der Kris kannt hunn, muss een awer feststellen, dass eis **Ekonomie** op **zolitten Féiss** steet.

D'**Indicateuren stinn och op Gréng wat d'Vertrauen an d'Industrie an den Bausecteur** ubelaangt.

D'**bannent Nofro** misst also och **nees unzéien**.

Et geet een dovunner aus, dass d'**Consommation privée** am Verglach zu **2020 ëm 8,4% klëmmt**. Hei gesäit een de positiven Effekt, vun de Mesuren, déi geholl goufen, fir de Leit hir Kafkraaft ze erhalen.

Hei goufen 4 essentiell Mesuren geholl:

1. Verduebelen vun der **"Allocation de vie chère"** fir d'Joer 2020 & 2021
2. **Eropschrauwen vum Credit d'Impôt pour Salarié**

3. Prise en charge zu **100% vum Mindestloun beim Chômage partiel an der Kris**
4. Erhéijung vun **2,8% vum Mindestloun ab dem 1. Januar 2021.**

Dëst alles léisst ons **optimistesch no vir kucken, och wann een dës** Zuelen natierlech all ënnert dem **Virbehalt** vun enger **ganzer Partie Ongewëssheeten** déi eis all aliichten betruechte muss.

Lëtzebuerg **ass keng Insel, an grad a Krisenzäiten ass et wichteg datt mir zesummen mat Europa no vir ginn.**

*Dëst bréngt mech dann och zu mengen zweeten Punkt. Ech wëll hei op d' Wichtegkeet vun der Solidaritéit während dëser Krise an der EU agoen. An dofir och wéi ons Efforten sech an d'Prioritéite vun Europa aschreiwen fir besser aus dëser Kris erauszekommen.*

# II. LUUCHT UM ENN VUM TUNNEL ZESUMME MAT EUROPA

## 1. ENG NOHALTEG AN DIGITAL RELANCE FIR EUROPA

Haut **méi ewéi 1 Joer nom 1. Confinement gëtt et Hoffnung**, gëtt et Luucht um Enn vum Tunnel.

D'**Impfkampagnen** uechtert d'Welt an och besonnesch hei an Europa fänken un ëmmer méi **op Héichtouren ze lafen**. Mir hoffen alleguerten, dass mir um **Enn vun dësem Summer** nees zu engem gudden Deel esou liewen kënne wéi mir dat ëmmer gewinnt waren.

Mir wëssen awer all, dass **dat net duergeet fir den néidegen Schwonk** ze **kréien heiheem an iwwert eis Grenzen eraus** fir dës och ekonomesch Kris Meeschter ze ginn.

**Mir wëssen nëmmen all ze gutt datt fir d'Zukunft just ee Mateneen zum Erfolleg féiert.**

**Europa huet an dëser Kris schonn eng wichteg Roll gespillt an wäert dat och nach weider maachen.**

Um Ufank vun der Kris si sech déi eenzel Memberstaten séier eens gi fir **staark gemeinsam Léisungen** op de Wee ze bréngen.

**Dat kann een net oft genuch soen**. Bei der Kris vun 2008 war dat nach anescht.

Den 9. **Abrëll 2020, do war d'Kris knapps 1 Mount al**, ass en **europäesche Stabiliséierungspak** an der Héicht vu 540 Milliarden Euro décidéiert ginn.

Dëse Pak besteet aus **3 Sécherheetsnetzer** fir Entreprisen, Salariéen a Memberstaten.

De **Programme SURE** fir den europäeschen Finanzement vum Chômage partiel ass e groussen Erfolleg.

D'**Europäesch Investitiounsbank** an den **Europäeschen Stabilitéitsmechanismus** déi allen béid hei zu Lëtzebuerg hiren Siège hunn, **spillen hei eng wichteg Roll**.

D'europäesch Institutiounen hunn all **net gezéckt fir konkret a substantiell Mesuren ze huelen.**

D'**Europäesch Zentralbank (EZB)** kann am Kader vun hirem **Pandemic Emergency Purchase Programm (PEPP), Obligatiounen** vun de Memberstaten aus der Eurozon bis d' Héicht vun **1.850 Milliarden Euro** opkafen.

Nodeems et also a**n enger éischter Phas drëm gaangen ass d'Ekonomie ze stabiliséieren**, ass den Fokus **dono op d'Relance gesat ginn**.

An hei huet d’**Europaësch Unioun nees funktionéiert**:

- **Den 21. Juli 2020 huet den Conseil européen eng Enveloppe vun 1.074 Milliarden Euro fir den Finanzkader vun 2021 bis 2027 ugeholl.**

- **Gläichzäiteg ass e “Fonds de Relance et de Résilience européen”, am Kader vum “Next Generation EU Programme” vun 750 Milliarden Euro, décidéiert ginn.**

Fir dat neit Opbauinstrument **NextGenerationEU**, dat mat enger Zomm vun 750 Milliarden Euro dotéiert ass ze finanzéieren, wäert d’europäesch **Kommissioun** eng exzeptionell Erlaabnis kréien fir deen **Montant** op d’Finanzmäert **léinen** ze goen. Dëst ass eng Première an e Beweis **fir geliefte Solidaritéit an der EU.**

D’**Regierung freet sech**, dass d’Initiativ fir eng **zäitlech begrenzt gemeinsam Verscholdung vun der EU**, déi si am Mäerz lescht Joer als eenzegt Triple-A Land,  an engem **gemeinsame Bréif mat enger Rei anere Memberstaten geholl huet, zu dësem Resultat gefouert huet.**

D’**Chamber huet Mëtt März vun dësem Joer** d’”Décision Ressources propres” **approuvéiert** an domat de Wee fräigemaach fir dass

d’Kommissioun dës Emprunten kann ophuelen. Dëst Gesetz **gouf mat 54 Stëmmen ugeholl**. Ech wéilt der Chamber dofir hei och Merci soen fir dee grousse Konsens op där Fro.

D’**Facilité pour la reprise et la résilience** ass eent vun deenen Instrumenter, a mat enger Enveloppe vu 672,5 Milliarden Euro, ass et d’**Häerzstéck** vun deem sougenannten **NextGenerationEU**.

Souwéi d’Covid-19 Kris ons gewisen huet datt mir eng staark gemeinsam **Léisung déi op Solidaritéit opgebaut ass** brauchen fir aus dëser Kris erauszekommen, **huet se awer och gewisen datt mir nach méi den Accent op d’Nohaltegkeet an d’Digitaliséierung setze mussen.**

**Dëse Relanceplang vun der EU setzt dofir op qualitativ** Investissementer déi, déi duebel Transitioun vun **Klimaschutz an Digitaliséierung weiderbréngt.**

Bréissel schreift **vir dass op mannst 37% vun den Investissementer an de Klimaschutz musse** goen an **op mannst 20% an déi Digital Transitioun.** Europa huet d’Lektiounen vun der Krise vun 2008/2009 gezunn a wëllt net weider fueren wéi, dat an den leschten 10 Joer de Fall wor, mat ze nidderegen Investissementer, virun allem an Infrastrukturen.

**Dëst sinn Investissementer à long-terme déi onsen Kontinent brauch, déi den Marché Unique stäerken wäerten an d'EU méi kompetitiv maachen. Dovun profitéiert och Lëtzebuerg.**

Am Géigesaz zu villen Memberlänner **huet Lëtzebuerg säit 2014 seng Investissementer héich gehalen an dat erkläert och déi gutt makroekonomesch Resultater vun eiser Wirtschaft.** Onst Land ass ganz am **Aklang mat dëser Europäescher Politik**, also quasi schonn e Virreider: **et ass net trotz, mee eben grad wéinst der Kris datt d'Investissementer op engem héijen Niveau gehalen mussen ginn.**

Ech erënneren datt mir am **Budget 2021 Investissementer vun 2,9 Milliarden virgesinn hunn oder respektiv 4,5% vum PIB, wäit iwwert der EU-Moyenne.**

An der Period **2015-2019** waren d'Investissementer zu Lëtzebuerg och schonn héich, mat ëm déi 4% **vum PIB**.

An och do louch den Akzent schonn op **Nohaltegkeet an Digitaliséierung**.

*Wéi gesäit dann elo déi national Approche vun sengem "Plan pour la Reprise et la Résilience" aus? An wéi setzt Lëtzebuerg déi Prioritéiten vun enger nohalteger Relance, déi den Accent op déi duebel Transitioun setzt, ëm?*

## 2. DEN NATIONALEN PLAN POUR LA REPRISE ET LA RESILIENCE

Fir **Accès op dës EU-Fongen** ze kréien muss **all Memberstat** e **nationalen Relance Plang**, e sougenannten "**Plan pour la reprise et la résilience", ausschaffen an deem all d'Projetë festgehale ginn déi de Memberstat** gedenkt iwwer de Relance-Plang ze co-finanzéieren.

Déi Projeten sollen e **kohärenten Ensembel vu Reformen an Investissementer** duerstellen a **mussen eng séilege Krittären erfëllen**, déi vu Bréissel verlaangt ginn.

Wann ee sech d'Ziler vum europäesche Plan de Relance ukuckt, an zwar, eng nohalteg a resistent Wirtschaft ze gestalten **déi op déi gréng an digital Erausfuerderungen** virbereet ass, **da stellt ee ganz séier fest dass dat sech 1-zu-1 mat de Prioritéiten deckt déi dës Regierung sech gesat huet.**

De **Lëtzebuerger Plan pour la Reprise et la Résilience** lëscht dann och d'Mesuren op déi d'Regierung sech wëll ginn fir d'lëtzbuerger **Ekonomie am Sënn vun der nohalteger an digitaler Relance modern opzestellen**.

D'Initiativen, di zréckbehal goufen, beruffen sech och all op d'**Recommandatiounen** vun 2019 an 2020 déi d'Europäesch

Kommissioun am Kontext vum Semestre européen u Lëtzebuerg adresséiert huet. Sou gesinn d'Texter et fir, an deementspriechend ass de Plang zesummegestallt ginn.

Déi **Recommandatiounen** invitéieren **Lëtzebuerg** fir seng ekonomesch **Resilienz** ze verbesseren, an d'Investissementer an d'**Innovatioun**, an d'**Digitalisatioun** an, an d'**nohalteg Transitioun** ze beschleunegen.

Mir hu genau dat **och schonn am Budget 2021 esou verankert**.

De **Plan de Relance, souwéi de PSC an de PNR,** suivéieren eng kloer Logik a **stinn also an der Kontinuitéit vun deem wat scho mam Budget 2021 décidéiert ginn ass.**

Deementspriechend ass dat hei **och keng Revolutioun**, mee den Plan de Relance stellt éischter en **zousätzlecht Instrument am Arsenal** vun der Regierung duer fir eng nohalteg Ekonomie ze schafen, **déi am Déngscht vun der sozialer Kohesioun steet ouni d'Erausfuerdungen vun der Digitalisatioun an am Ëmweltberäich ze ëmgoen.**

De Plang steet also **am Zeeche vun der Continuitéit vun de Prioritéite vun der Regierung.**

Dëse **Plang** ass duerch en inklusiven Effort d.h. duerch eng **enk Kooperatioun tëschent de verschiddene Ministèren** iwwert déi leschten Wochen a Méint entstanen.

*Ech wollt och un dëser Plaz* ***mengen Regierungskolleegen an hiren Servicer e groussen Merci soen fir déi gutt Zesummenaarbecht*** *beim opstellen vun dem Plan pour la Reprise et la Résilience.*

*Ech wéilt kuerz ervirstäichen wéi et zu deem* ***Plan*** *komm ass, well et ass schonn en* ***exzeptionellen Virgang****. Mee exzeptionell Situatiounen verlaangen och exzeptionell Äntwerten.*

Lëtzebuerg huet **93,5 Milliounen Euro aus dem Europäeschen Fong ze gutt.**

Dat provisorescht Dokument, dat mir virun annerhallwem Mount der Kommissioun **presentéiert hunn, hat en Gesamtwäert vun iwwer 333 Milliounen Euro, wat natierlech eng Selektioun vun den 2,9 Milliarden Euro ass, déi mir alleng 2021 an ons Wirtschaft investéieren.**

Dass mir esou eng grouss **Panoplie vun Projeten** fonnt hunn déi **kompatibel** si mat de strenge Krittären vum Instrument, beweist dass d'**Regierung schon méi laang op dat richtegt Päerd gesat** huet.

Fir aus der grousser Unzuel u Projeten de lëtzebuerger Plang zesummen ze stellen hu mir **Projeten mat enger gewësser Maturitéit** prioriséiert.

Dëst fir ze garantéieren dass d'**Projeten effektiv an zäitno ëmgesat** kënne ginn. Dat ass och ee vun de Grënn firwat mer eis zum Deel op **Projeten** konzentréiert hunn déi **scho budgétiséiert** sinn.

Insgesamt baséiert eise Plang op 3 Haaptpilieren, déi **en Ligne sinn mat der strategescher Agenda** vun der Regierung an vun Europa:

1. **sozial Kohesioun a Resilienz**,
2. **nohalteg Transitioun** an
3. **Digitaliséierung**, **Innovatiou**n a **Gouvernance** vun eiser **Ekonomie**.

- An den 20 Projeten déi zesummen mat der Commissioun zeréckbehalen gi sinn, wëll ech der er puer erausstäichen déi substantiell vun der EU ënnerstëtzt ginn: den **Transport ze dekarboniséieren**, wéi zum Beispill iwwer elektresch Opluedstatiounen ; dat sinn 30 Milliounen Euro.

- **ëffentlech Servicer ze digitaliséieren**, wei zum Beispill den Developpement vum MyGuichet, an eng nei ultra-sécuriséiert Connectivitéit zu Lëtzebuerg unzebidden fir 10 Milliounen Euro.

- **bezuelbar an nohaltege Wunnengsraum** ze schafen iwwer Projeten wéi den Quartier Neischmelz zu Diddeleng. Ganzer 24,4 Milliounen Euro.

Niewent de Prioritéiten déi d'Lëtzebuerger Regierung sech selwer gesat huet, kritt Lëtzebuerg am Kader vum europäeschen Semester all Joer **spezifesch Recommandatiounen vun der europäescher Kommissioun** déi als Richtlinne fir déi national Wirtschaftspolitik sollen déngen. Den **Minister Franz Fayot** wäert och dorop agoen an der Presentatioun vum PNR just no menger Ried.

Sou wéi jo d'Règlement et virschreift wäerten déi verschidde Reformen an Investissementer an eisem **Plan de relance eng kohärent Äntwert op dës Recommandatioune** bidden.

Dës beinhalten **zum Beispill Reformen am Gesondheetsberäich** ewéi de Gesondheetsdësch oder d'Télémédicine déi eis erlaben soll méi en resistenten Gesondheetssystem ze schafen.

Des weideren erlaabt den Plang eis och Recommandatioune um **Aarbechtsmarché** unzegoen fir dass Persounen déi sech an enger schwiereger Situatioun befannen net den Accès zum Aarbechtsmarché verléieren.

Initiativen ewéi **Digital Skills oder FutureSkills** hëllefen déi digital Kompetenzen ze verdéiwen fir den Usprééch vun der moderner Aarbechtswelt gerecht ze ginn.

Och an der **Fiscalitéit a bei der Lutte géint de Blanchiment**, wou Lëtzebuerg Recommandatioune krut, gesäit de Plang Reformen an Investissementer vir.

Wéi Der gesitt huet d'Regierung mat dësem **Relanceplang eng substantiell a kohärent Äntwert op d'Kris** geliwwert, déi sech komplett an ons ambitiéis Investmentpolitik aschreift, an duerch déi sech déi sougenannt **nohalteg an digital Zwillingstransitioun wéi e roude – oder ech géif soen en blo-rout-gréngen - Fuedem zitt.**

Mat senger breeder Palette u wichtege Projeten a Reformen leet de **Plang de Grondsteen fir eng nohalteg Lëtzebuerger Ekonomie post-COVID**, déi keen am Ree stoe léisst a gesellschaftlechen Zesummenhalt fördert.

Wann de Plang bis vun der Kommissioun ofgeseent ass, huet de Memberstat bis spéitstens **Mëtt 2026** Zäit fir eng Rei vu **Meilesténg an Etappenziler** am Zesummenhang mat den eenzelne Projeten z'erreechen.

Eréischt wann d'**Kommissioun iwwerzeegt** ass, dass dem Memberstat di eenzel Meilesténg erfëllt, kritt **en Zougrëff op d'Fongen** déi him zoustinn.

Dëst ass eng vun de Konditiounen fir dass d'Suen un d'Memberstaaten kënne fléissen.

**A quasi-deegleche Gespréicher mat der EU-Kommissioun**, an zum Deel och schwéiere Verhandlungen, ass de Plang iwwert di leschte Wochen verfeinert ginn mam Ziel den **30. Abrëll**, eng **final Versioun** ofzeginn déi komplett en Ligne mam Règlement ass.

**D'End-Resultat ass e Plang mat 20 Reformen an Investissementer fir e Gesamtmontant vun 182,6 Milliounen**, wouvunner liicht méi wéi d d'Halschent iwwert den europäesche Plan de Relance wäert finanzéiert ginn.

Geméiss de Krittäeren vun der Kommissioun, **iwwertrefft de Lëtzebuerger Plang d'Bréisseler Viergaben, andeems 61% vun den Investissementer dem Klimaschutz déngen** – also wäit iwwert de gefroten 37% - **an 32% fir d'Digital Transformation, wou de Minimum requis 20% ass.**

*Wéi gesinn dann elo virum Hannergrond vun där Panoplie vun Mesuren, d'Prévisiounen fir d'Staatsfinanzen aus am Wëssen, dass mir eis awer nach ëmmer an engem schwéier prévisiblen Kontext bewegen.*

*Ech kommen also zu den Eckwerter vum Programme de stabilité et de croissance 2021.*


## III. D'ECKWERTER VUM PROGRAMME DE STABILITÉ ET DE CROISSANCE

### a. Administration centrale

Wann mir eis dann also fir d'éischt den Zentralstaat ukucken, d'Administration centrale, stellen mir fest, dass déi **negativ ekonomesch Entwécklung** déi sech hei zu Lëtzebuerg dach nach **a Grenzen** gehalen huet, sech och hei **positiv erëmspigelt**.

Mir sinn nach am **Dezember**, wéi mir hei den Budgetsprojet fir 2021 ugeholl hunn vun engem **Defizit fir d'Joer 2020 vun ronn – 5,1 Milliarden Euro ausgaangen**. Mir hunn d'**Joer** elo **ofgeschloss** mat ronn **- 3,3 Milliarden**, also 1,8 Milliarden besser ewéi erwaart.

Et stëmmt : **-3,3 Milliarden, dat sinn 5,2% vum PIB, den héchsten Defizit deen dëst Land säit dem Zweeten Weltkrich kannt huet**. Mä et ass déi aussergewéinlechst an plëtzlechst Krise, déi mir säitdem kannt hunn.




*Grafik 4: Evolution du Solde de l'Administration centrale*

Dat gëllt iwweregens net nëmme fir Lëtzebuerg, **mee fir all d'Länner an der EU**, wann net souguer weltwäit !

Anescht wéi d'Weltfinanz-Kris vun 2008 ass dat hei keng strukturell Krise, déi sech progressiv entfaalt huet. **Dëst ass eng Kris déi duerch een exogènen Fakteur – e Virus mat enorme Risken fir d'Gesondheet vu jidderengem vun eis – entstanen ass.**

Et ass also eng wiertschaftlech Kris déi sech sou **séier entfaalt huet,** wéi de Virus sech verbreet huet, an déi duerfir méi séier ophalen wäert, natierlech och duerch **d' Impfungen déi den Virus jo verdreiwen.**

Et ass also eng **ganz déif, a gläichzäiteg relativ kuerz Kris**, verglach mat aner Wirtschaftskrisen an der Geschicht. Well ewéi schonn an mengem

1. Deel ënnerstrach fannen mir den PIB vun virun der Kris schonn am Laf vum éischten Semester vun dësem Joer erëm.

Fir de Budgetsexercice **2021** ass een dann am **Dezember** nach dovunner ausgaangen, dass den **Defizit** sech géng op **-2,7 Milliarden Euro** chiffréieren.

Elo natierlech **befligelt vun deenen gudde Previsiounen wat den Wiertschaftswuesstem ubelaangt** an der positiver Entwécklung op der **Recettensäit** an den éischten 3 Méint vun dësem Joer, gëtt den **Defizit** dann **an dësem PSC op knapp 2,1 Milliarden Euro** geschat.

Déi Tendenz konfirméiert sech dann fir déi nächst Joeren wou deen **Defizit** sech kontinuéierlech **bis 2025 zu engem gudden Deel wäert resorbéieren**.

Et gëtt also hei och vill Grënn fir optimistesch ze sinn.

D'**Verlängerung vun der General Escape Clause, d.h. dem Aussetzen vun de Reegelen vum Europäeschen Stabilitéitspakt** wäert et Lëtzebuerg ewéi deenen aneren EU-Länner, awer nach erlaben déi néideg Mesuren, wou néideg, ze huelen fir d'Ekonomie ze ënnerstëtzen.

b. Sécurité sociale

Bei der **Sécurité sociale huet sech d'Situatioun däitlech verbessert**. Et huet een am PSC 2020 nach domadder gerechent duerch déi méi schwiereg Situatioun um Aarbechtsmaart vun engem Iwwerschoss am **Joer 2019 vun 1,1 Milliarden Euro am Joer 2020 op 281 Milliounen Euro** ze falen.

Elo sinn et der finalement + 840 Milliounen Euro.

Deen Niveau wäert sech méi oder wéineger halen iwwert déi nächst Joeren.

c. Administration locale

Beim **Vote vum Budget 2021** ass ee nach vun engem Defizit vun **– 213 Milliounen Euro** fir 2020 ausgaangen. Dat ass och net verwonnerlech well een nach zu deem Zäitpunkt mat vill manner Recetten beim Staat gerechent huet.


Ech denken do insbesonnesch un d'Gewerbesteier an un d'TVA. 2020 ass **elo** hei mat engem Defizit vun **– 122** Milliounen ofgeschloss ginn.

Déi nächst Joeren wäert viraussiichtlech ëmmer mat engem liichten "+" ofgeschloss ginn.

d. Administration publique

Wann déi Haaptagregater aus deene sech d'Administration publique zesummensetzten also d'Administration centrale, d'Sécurité sociale an d'Administration locale verbesseren, dann erkritt sech dat Gesamt-Aggregat forcément och.

Am Fréijoer ass nach mat engem Minus vun Ronn 5 Milliarden gerechent ginn. Am **Dezember** wor d'Schätzung liicht méi niddereg bei - **4,4 Milliarden Euro**, wéi mir dat um Diagramm gesinn.




*Grafik 5: Evolution du solde de l'Administration publique*

**Elo** gëtt ofgeschloss mat engem **Defizit vun - 2,6 Milliarden Euro**.

Am Joer **2021 gëtt deen bal ëm d’Halschent gekierzt** an erreecht an den Joeren **2024 an 25 souguer nees en liichten “+”**.

Deen **Solde** vun -1.359 Milliounen Euro respektiv **–2% vum PIB** fir **2021** signaliséiert, dass **Lëtzebuerg no e bëssen méi ewéi 1 Joer an der Kris den Defizitkritère vum Pacte de stabilité et de croissance nees erfëllt**, an dat obschonn dee momentan ausser Kraaft gesat ass. Lëtzebuerg ass also **elo scho bereet fir wann déi Regelen erëm gräifen**.

Dat **erkläert sech** duerch déi **däitlech Verbesserung** um Niveau vun der **Administration centrale** wéi mir elo just gesinn hunn. Dee positiven Schéiereffekt tëscht de Recetten an den Dépensen wäert sech dann och iwwert d’Joer nach weider bemierkbar maachen.

Op der Säit vun den direkten Steieren gesi mer déi eischt **3 Méint vum Joer ganz encourageant Resultater**. Esou huet d’Steierverwaltung 2,728 Milliarden Euro Enn Mäerz encaisséiert, wat enger Progressioun vun **+192 Milliounen oder +7,6% par rapport zur selwechter Zäit 2020 entsprécht,** wou d’Kris grad ugefaangen huet.

D’**indirekt Steieren** wäerten virum Hannergrond vun enger progressiver Sortie de crise **neien Schwonk** kréien. Dëst gesinn mer och mat Tendenz déi mir op den éischten dräi Méint konstatéieren: esou goufen **207 Milliounen Euro méi, d.h. +14,2%** par rapport zum leschten Joer bis Mäerz akasséiert.

**D'Recetten vun der Douane** sinn am Verglach op dat éischt Trimester 2020 awer erofgaang. **– 4% manner goufen do encaisséiert**, wat op den **Télétravail an déi reduzéiert Circulatioun op den Stroossen**, mee och d'Aféierung vun der CO2-Steier zeréckzeféieren ass. Dëst ass awer eng Evolutioun déi een net negativ soll gesinn, well se och bedeit, dass **Lëtzebuerg seng Klimaziler sérieux hëlt an agéiert fir se ze erreechen.**

Déi **besser Perspektiven** wat d'**ekonomescht Ëmfeld** ubelaangt wäerten och forcément **manner Dépensen** mat sech bréngen.

D'**Ënnerstëtzungsmesuren** déi am Kontext vun der Kris geholl goufen wäerten **progressiv manner gebraucht** ginn.

e. Anhaalen vum Volet préventif vum PSC


Ech hunn et ugangs vun dësem Kapitel jo schonn vun der General Escape Clause geschwat, déi nach fir 2021 soll weidergefouert ginn. Et ass och ganz wahrscheinlech dat des Clause nach 2022 wäert spillen obwuel dës Décisioun nach formell net geholl ass. Villes weist awer dorop hin.

D'**Europäesch Kommissioun** huet awer fir d'Ausschaffen vum PSC 2021 an hiren **Lignes de conduites** verlaangt erëm op dat **regulärt Format vum PSC** zréckzekommen.

**Konkret heescht dat** fir dëse PSC den **Solde Structurel** och nees mat ze **berechnen**, contrairement zum Cru 2020 wou dat net verlaangt wor.

Déi Situatioun presentéiert sech dann elo folgendermoossen:

- fir d'**Joer 2020** weist den Solde structurel en **"-" vun 2,4% vum PIB** op.
- Fir d'**Joer 2021** erreecht den **Solde Structurel -0,7% vum PIB** dat als Konsequenz vun der däitlecher Verbesserung um Niveau vun den Administrations publiques.
- Fir d'Joer 2022 géng den Solde Structurel op -0,3% goen.
- Ab 2023, wann **d'Escape clause net méi wäert gëllen**, misst Lëtzebuerg dann op +0,3% léien, wat ganz no un déi + 0,5% drun kënnt, an deementspriechend **säin "Objectif à moyen terme" nees anhalen**, ab deem Moment also wou d'Reegelen vum Stabilitéitspakt nees wäerten gräifen.




*Grafik 6: Evolution du solde structurel*


*Ech géif dann zu der Staatsschold kommen an domatten och op den Schluss vun mengem Exposé.*

f. Staatsschold

Fir **2020** hunn d'Previsiounen **d'Staatschold op** 24,9% vum PIB chiffréiert, wat e Sprong par rapport zu 2019 vun 2,9% duerstellt.

**Lëtzebuerg ass dat Land an der EU wou d'Schold am Prozentsaz an dëser Kris am mannsten eropgaang ass !**

Et ass och dat Land **mat der zweetklengster Dette <u>iwwerhaapt</u> an der EU, hannert Estland.**




*Grafik 7 : Augmentation du ratio de la dette publique de 2019 à 2020 au sein de l'UE*

**Firwat ass dat sou ? Ma well mer déi leschte Joren d'Staatsfinanzen rëm op zolitt Féiss gesat hunn.**


Ech well nach emol drun erënneren, fir dat ze ënnersträichen, dass d'Joren virun der Kris, **2018 an 2019 mat engem Iwwerschoss am Zentralstaat ofgeschloss konnte ginn ! Duerfir woren mir besser opgestallt wéi aner Länner fir d'Kris ze meeschteren.**

Well den Defizit 2020 manner staark ausgefall ass wéi geduecht, wäert d'Erhéigung vun der Staatsschold bedeitend manner staark ausfalen wéi mer dat nach lescht Joer am Fréijoer, oder souguer **nach am Dezember wéi de Budget 2021 hei am Haus gestëmmt gouf, gefaart haten.**

Sou ware mer am **PSC 2020 nach dovunner ausgaangen, dass d'Staatsschold 2020 op 28,7% vum PIB géif klammen**. **An 2021 op 29,6%.** Duerch déi Entwécklungen, déi ech virdru beschriwwen hunn, ass dat lo net de Fall.

D'Staatsschold klëmmt dësem PSC no **2021** just op 26,9 % vum PIB.

**Et ass virgesinn, dass d'Schold 2022 op 28% klëmmt, an bis 2023 mechanesch bis op 28,4% vum PIB , also zu all Moment ënnert dem Plafong vun de 30% di d'Regierung sech ginn huet.**




*Grafik 8: Evolution de la dette publique*

**An dat wäert dann och den héchste Ratio d'endettement vun där ganzer Period sinn, an se wäert duerno progressiv rëm erofgoen.**

Ënnert dem Impuls vun enger däitlech verbesserter Situatioun bei de Staatsfinanzen an dem Wirtschaftswuesstem, wäert d'Staatschold 2024 eng **Trajectoire no ënnen aschloen** fir sech 2025 **op 27,6% vum PIB** ze belafen.

Während aner Länner an Europa wuel nach méi laang mat enger Erhéiung vun de Staatsscholden ze kämpfen hunn, bréngt Lëtzebuerg et **fäerdeg fréizäiteg d'Weichen ze stellen fir seng Finanzen erëm lues an den Equilibre ze kréien.**

Ech well an dësem Kontext och drun erënneren, dass Lëtzebuerg, dank **sengem AAA, deen och während der Krise vun alle groussen Agencen confirméiert gouf, sech schonn säit 2019 zu negativen Zënsen refinanzéiere kann**.

Dat heescht, dass d'Schold eis, an absoluten Zuelen, ëmmer manner un Zënsen kascht. **2013 huet Lëtzebuerg nach 245 Milliounen Zënse bezuelt. 2020 nach just 149. An dee Montant geet déi nächst Joren nach weider erof!**

Dofir ass et richteg, elo vun den **nidderegen Zënsen ze profitéieren**, an Scholden opzehuelen fir an d'Zukunft z'investéieren, well dat laangfristeg nei Recette generéiert.

An dësem Sënn fuerderen jo och all déi europäesch **an international Organisatiounen wéi d'OECD, d'Komissioun an den FMI d'Länner dozou op,** grad elo d'Investissementer héich ze halen an vun den nidderegen Zënsen ze profitéieren.

Dat ass iwweregens och **d'Lektioun, déi d'Länner aus der Krise vun 2008 geléiert hunn**, wou kuerzfristeg zevill Wäert op **d'Scholdenentwécklung an net genuch op d'Wuestumsperspektive gesat gouf.**

Wann een d'Schold an Zukunft well ofbauen, da muss een haut dofir suergen, muer **ee gesonden an nohaltege Wuesstem ze hunn**.

An dee kritt een **net mat enger Austeritéitspolitik**, an et e kritt een en och net, andeems een **d'Steieren eropsetzt**.

Nohaltege Wuesstem schaaft een mat **enger verstänneger an laangsichteger Budgetspolitik,** a mat héijen **Investitiounen, besonnesch am Beräich vun der Nohaltegkeet an der Digitalisatioun, fir d'Kompetitivitéit vum Land weider ze stäerken. Et ass also den qualitativen Wuesstem deen wäert bäidroen ons Schold ze reduzéieren.**

**Dat ass dat, wat all déi europäesch an international Organisatiounen an Experte recommandéieren, an dat ass dat, wat des Regierung mécht säit Joren, an wëllt nach an Zukunft weidermaachen.**

Dir Dammen an dir Hären,

Mir gesinn d'Luucht um Enn vum Tunnel an **zesummen** kommen mir **gestäerkt aus dëser Kris eraus.**